N°8132
Entrée le 03.08.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8132 vum 6. Juli 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.**

*Wou ass dee Chantier de Moment drun? Goufen et eventuell Verspéidungen an Iwwerraschunge wärend der Exekutioun vum Chantier?*

Aktuell gëtt un den zwou Bréckent "Ouvrage Olegrëndchen" an "Ouvrage de franchissement de la vallée de la Clerve", souwéi och un der Strooss mam Rondel op der Nationalstrooss N18 zu Klierf geschafft.

Ufank September gëtt dann de Schwaarzbelag op deenen zwou Brécke geluecht. Zesumme mat de Finitioune sollen dës Aarbechte bis zum Schluss vum Joer ofgeschloss sinn. Dorënner falen och sämtlech Réckhaltebecken, asw. Och de Stroossebau leeft op Héichtouren a wäert viraussiichtlech Ufanks 2024 fäerdeg sinn.

Effektiv goufen et Iwwerraschunge bei der Materialbeschafung, déi duerch d'Pandemie an de Krich an der Ukrain entstane sinn.

*A wat fir engen Delaie kann dëse Chantier op een Enn kommen? Huet d'Zäitschinn missen ugepasst ginn?*

Viraussiichtlech soll Ufank 2024 déi lescht Sektioun fir de Verkéier opgoen.

*Kann den Här Minister Informatioune liwweren iwwer déi geplangte Renaturéierung, soubal de Chantier finaliséiert ginn ass?*

Wat d'Renaturéierung vun der Klierf ugeet, ass dës schonn zur Hallschent am Beräich vun der neier Strooss realiséiert ginn, woubäi de bestoende Verlaf, an Zesummenaarbecht mat der Waasser - an Naturverwaltung, verluecht gouf. Déi zweet Hallschent wäert nom Kollektivcongé an Ugrëff geholl ginn.

Lëtzebuerg, den 3. August 2023.

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch